

D'AFFÄR

aus der

DÄISCHTERGAASS

Koméidisteck an engem Akt

nom Labiche

iwwersaat vum Punch

Personnagen:

Mulleng, Rentier  
Schetgen  
Bommel, dem Mulleng säi Kcseng  
Jeek, Bedengter beim Mulleng  
Josephine, dem Mulleng seng Frâ

---

D'Bühn stellt dem Mulleng säin Schlofzemmer duer. Am Fong, e Bett,  
dât ronderem matt Ridoen zo' ass; e Lavabe matt deem néidege Geschiir,  
E Kamäin, lénks hannen; eng Diir lénks vum Bett. Diiren fiir an hennen  
riets; Still, Fauteuils'en asw.

I. Szeen

Jeek, dann Josephine

(Wann de Rido opgeet, sinn d'Ridoen rondëm d'Bett zeu.)

Jeek: (könnt erageschlappt) Den Här schléift nach...ech dierf än nüt erwachsen.  
(E kuckt op d'Auer) 9 Auer!...E schéingt oowes laang spazéiren ze goen,  
den Här... (En néitscht) Deen nondikasse Schnapp!...esou eppes schléit en-  
gem an de Kapp!

Josephine: (könnt op den Zéiwespétzen eran. Sie huet eng Tubaksdous an zweu Flä-  
schen an der Hand.) Wéi ass et, ass än erwächt, Jeek?

Jeek: Neen, nach nüt...e geet oowes esou gär laang spazéiren, den Här!

Josephine: Waat heescht daat?...Ech bidden iech matt Respekt ze schwätzen.

Jeek: O pardon!...Soll öch "em sooen dass Dir do sitt?

Josephine: Em Gotteswëllen neen!...Haut ass säin Namnsdaag...an öch wëll hien  
iwwerraschen...öch hunn eng Tubaksdous fir än, matt Marylandtubak.  
(Sie setzt d'Dous op de Kamäin)

Jeek: (fir séch) Kretjëft!...Marylandtubak!..., Dovun offréiren öch mér eng  
Päif.

Josephine: An dann nach hei zwou Fläschen Quetschebranntewain hei...deen hust  
än am léifsten.

Jeek: (Fir séch) Dovun offréiren öch mér och eng Schnauf. (Haart, ouni noo-  
zedenken) T'ass guda...stellt daat dohinn!

Josephine: Wéisou! stellt daat dominn?

Jeek: O pardon.

Josephine: Neen, öch droen së an dee klonge Salon...dann huet en eng duebel Iwwer-  
raschung, mäi léiwe Männchen!

Jeek: (Fir séch) Déi Fraa ass nach ewell allerhand romantesch bei hirer  
Mocklegkeet!

Josephine: (wëllt gooën) Ah! Jeek, gëschter ass dem Här säi Büro frësch tapezéi-  
ert ginn...dir maacht do d'Heizung un datt et drëchent.

Jeek: Ja, Madamm.

Josephine: An da sicht der de Prabbeli, deen öch vum Koseng Bommel geléint haat...  
es schwarze Prabbeli...matt engem Bambusgrëff,...säin Dëngschtmeedchen  
ass do, et waart dropp.

Jeek: Madamm, öch muss dem Här sëng Kleeder biischten.

Josephine: Daat künnt der härno maachen.

Jeek: Mais....

Josephine: Dir musst sáwer émmer raisonniéieren!...Ech hätt gär, dass der dee Prabbeli sicht...ass daat verstaan? (Sie geet lénks eran matt deenen zwou Fláschen)

Jeek: (Eleng, e schwätzzt zur Diir) Zut!...zut!...zut!...Déi geet mér op d'Nerven matt hiirem Prabbeli! Da loosst mér alt dem Här seng Kleeder biischten!...(En hëllt d'Kleeder vun engem Stull) Do ass säi Paltong, säi Gilet, seng Schong....Tiens! déi si knaschteg!...daat d' ass komesch!...Den Här ass dach geschter nüt erausgaang. E goung ém fénnef Auer an d'Bett, well én anscheinend schrecklech Kappwéi haat....Mais éch gesinn sëng Box n'et!....A wou ass da sëng Bex?...(E fällt iwwert en zweet Puer Schong) Waat!...nach e Puer Schong!...éch drekeg!...aha! ma daat do ass komesch! (E gesäit nach auner Gezei op engem Stull) Nach e Paltong...an e Gilet...a keng Spur vun enger Box!..Den Här Mulleng wärt dach nüt als Schottlännner dchiir laafen, wanné Migrän huet?....D' ass eppes derhannert....(En néitscht) Deen nondikasse Schnapp!...Ech wärt mäin Nuesschnappech vergiess hun!...Kremill-nonzéng am Kicheschaaf!....(E fénnt en Nuesschnappech an enger Täsch a schnäizt séch e puermool ganz haart.)

Mulleng: (deen erwächt ass, am Bett) Wien tuut do muerjes fréi esou haart?

Jeek: Ooh! elo hunn éch den Här erwächt! (E leeft riets eraus)

## 2. Szeen

Mulleng: (eleng, streckt de Kapp zu de Ridoen eraus) Et ass keen do!...Kuck do, et ass schon hell!...(E rutscht aus dem Bett. D'Ridoen ginn hannert ém zou. En huet sëng Box un) A wou ass da mëng Box?...(E bekuckt söoh.) Tiens! Ech stiechen dran!...Daat do ass glungen! Ech si schloofe gaang matt....Ah! elo erënneren éch méch!...Pst!...(Geheimnisvoll) Mëng Fraa ass nüt do...Geschter haat éch méch e bëssen ameséiert...Kräizmill, waat hunn éch en Duuscht! (En hëllt eng Karaff Wasser um Kamäin an drénkt.) Ech war op engem Konveniat vum Kolléisch - vun deem éch ee vun deenen schappechste Schüler war...mëng Fraa war dergéint...dunn hunn éch gesooc, éch hätt Migrän...éch hu gemaat wéi wann éch an d'Bett géif gooен...an een, zwee, dräi waar éch am Excelsior...Ah! et war tipp-topp...Míir kruute Garçons'en servéiert matt Vanille...a matt wäisse Krawatten...an du spuemesche Wäin, Schampes, Whisky!...Krétjeft, waat hunn éch en Duuscht!...(En drénkt aus der Karaff.) Ech mengen éch war é bëssen am Stépps!...En uerdentleche Mensch ewéi éch!...Riets vu mér haat éch entNotär sätzen...dee war nüt interessant! A lénks vu mér soutz en klänge Fabrikant vu Kannersuckelen...Ah, deen huet eis e klengt Liddche gesongen, ha! ha!...daat war nüt schlecht. Ech muss én daat eng Kéier frooen...Also esou eppes, vun noo der Zaloot un sinn éch ganz duercherneen matt de Gedanken! (En denkt noo.) Hun éch Zaloët giess?...Looss mér emool kucken!...Neen!...Do ass e Lach a mënger Existenz. Also esou eppes! Wéi der Däiwei sinn éch heihinn zréck komm?..Ech ka méch esou vague erënneren, datt éch an der Géigend vum Kasino spazéire gaang sinn...an éch wunnen an der Marcel-Fischbach-Strooss!...War ét och wirklech de Kasino?...Onméiglech, éch erënneren méch nüt méi!...Do ass daat Lach! émmer daat Lach!...(En hëllt sëng Auer um Kamäin...Halwer zéng!...(E stécht s'an d'Täsch) Ech muss méch tommelen matt Undooen! (Et héiert ee schnaarchen hannert de Ridoen) Hein!...Et schnaarcht een a mëngem Bett! (Schnaarchen) Donnerwieder a keen Enn! éch hunn ee matt heembruecht ouni et ze mierken!...(E geet schnell bei d'Bett. D'josephine künnt eran.)

3. Szeen

Mulleng, Josephine

Josephine: Bass de endlech op!

Mulleng: (Fir séch) Mëng Fraa!

Josephine: Wéi, kréien éch keng Bees?

Mulleng: Psst! (Fir séch) Am Enn erwächt sie én!

Josephine: Waat seess de?

Mulleng: Náischt!...Komm mir gin é bëssen op de Boulevard spazéiren.

Josephine: Op de Boulevard! Du bass nach nüt émool ugedacen!...A wéi kucks du dran? Bass de nüt an der Rei?

Mulleng: Neen...éch muss sooen...

Josephine: (ouni Widderried) Lee déch nees an d'Bett. (Rifft) Jeek!

Mulleng: Psst...Méi lues!...

Josephine: Ech maachen däi Bett frësch. (Sie geet bei d'Bett)

Mulleng: (Hällt se zréck) Neen!...et geet besser...et geet besser...et war ném-men e Krämpchen...Komm, mér ginn en Tour iwwert de Boulevard maachen.

Josephine: (Fir séch) A waat huet deen?...(Haart) A propos! hues de dem Koseng Bommel säi Prabbeli nüt gesinn...é Prabbeli matt engem Bambusgréff?...

Mulleng: De Prabbeli?...Neen (Fir séch, en erénnert séch) Ah! Krétjeft! deen haat éch gëschter matt op de Banquet!...dee wärt an deem Lach bliwwen...beim Kasino...

Josephine: (Fénnt eng Parëck um Buedem) A waat ass dann daat hei?

Mulleng: Waat?

Josephine: Eng Parëck matt blonden Hooer!...Monsieur?!

Mulleng: (Fir séch) Eng Parëck!...Mais dann... (E kuckt ganz mësstrauesch op d'Bett.)

Josephine: Monsieur, schwätzte iech aus!...

Mulleng: (Schnell) Et ass fir déch...é Cadeau...

Josephine: Mais éch hunn dach Hooer!...

Mulleng: Jo...mais déi ginn dör nach aus...daat hei ass fir spéider!... (Et héiert ee schnaarchen)

Josephine: (Erschreckt) Waat ass daat do?

Mulleng: Nondinondi...! (Haart) Ech sinn daat, e...et ass mäi Krämpchen... (Hie schnaarcht) Chrrr!...Chrrr!...daat kënnt vum Moo!...

Josephine: Daje, doo déch färdeg un...haut gëtt dee klengen Bommel gedeeft, miir sinn Pätter a Giedel. (Et héiert een nees schnaarchen)

Mulleng: (E klappt an d'Hänn. Fir séch) Sie sooen, daat géif së ophaalen dinn.

Josephine: A waat méchs du dann do?

Mulleng: Ech klappen an d'Hänn...Du sees jo: "Mir sinn Pätter a Giedel," an éch äntworten: "Bravo!"

Josephine: Also éch weess aawer tatsächlech nüt waat's du haut hues...Ech ginn méch färdeg undinn!...Mir iessen an enger Véirelstonn.  
(Sie geet lénks hennen of)

4. Szeen

Mulleng, Schetgen

Mulleng: (Leeft bei d'Bett a möcht d'Ridoen op) Em Gotteswällen!...Kemmt eraus!

Schetgen: (erwächst) H ein!...Heu!...(hien huet eng ganz rout Nues)

Mulleng: E Mann!

Schetgen: (Setzt séch an d'Bett) Waat ass lass, Monsieur?

Mulleng: Waat heescht hei: waat ass lass?...Waat maacht dir hei...a mëngem Bett?..

Schetgen: Ärt Bett?...(Hie kuckt rondérëm) Tiens...a wou sinn öch dann hei?

Mulleng: Mais bei miir, Monsieur! An der rue Marcel Fischbach!

Schetgen: (sprëngt schnell aus dem Bett. En huet eng Box un) Rue Marcel Fischbach?  
...an öch wunnen beim Kasino!

Mulleng: Aha...mais schwätz iech aus!

Schetgen: Matt wéi engem Recht hutt dir möch hei agespaart?

Mulleng: Also déi fannen öch gudd!

Schetgen: Ech hoffen datt dir mir elo erklärert wéisou öch an ärem Bett leien...  
Ech kennen iech jo nüt!

Mulleng: Mais öch iech och nüt, waat eng! (Fir séch) A wou der Däiwel kënnt dee  
Brudder do hiir?

Schetgen: @ Nondikass, waat hunn öch en Duuscht! (En hëllt d'Karaff an drënkt  
draus)

Mulleng: Ma genéiert dir iech guer nüt, Monsieur!...(Hie kritt eng Idi) Aaah!...  
mais...pardon, jonge Mensch, waart dir iiren geschter um Konveniat am  
Excelsior?

Schetgen: Jo...drëckt daat iech?

Mulleng: Mais da sitt dir jo aus dem Kolléisch...Ech och.

Schetgen: Neee,...!?

Mulleng: Zwéin aaler aus dem Kolléisch!...Ech kommen noo!...Mulleng...Oskar Mulleng!

Schetgen: Ah, jo, daat déckt Déier!

Mulleng: Just...!(Fir séch) E kennt möch erëm!

Schetgen: Mäin Numm ass Schetgen.

Mulleng: Ah bon, déi aal Bëchs!...Ech mengen öch erënnere möch: éischte Präis  
am Latäin...de Schüler Schetgen?

Schetgen: Oh jo....waat ass een domm wann ee jenk ass.

Mulleng: (Fir séch) En éischte Präis am Latäin...E muss op enger décker Plaatz  
sätzen, deen do...

Schetgen: (Fir séch) En ass bombastesch ágeriicht, hien hei.

Mulleng: (reecht him d'Hand) A soss, wéi geet et?

Schetgen: Nüt schlecht, a bei diir?

Mulleng: Deen aalen Schetgen!

Schetgen: Deen aalen Mulleng! (Sie klappen séch op d'Schëller)

Mulleng: Mais, elo erziels de mér aawer wéisou's du a mëngem Batt läis.

Schetgen: Ah...mais dovun weess öch näischt...Vum Kallefsbroot un waar öch liicht  
am Dusel.

Mulleng: Mëch huet et eréisch bei der Zaloot erwësch.

Schetgen: A waat hu miir an der Tëschenzäit gemaat?

Mulleng: Daat wärte mér wuel nie gewuer ginn. Alles waat öch weess ass datt öch mäi Prabbeli verluer hunn...e Prabbeli matt engem Bambsgrëff...

Schetgen: (Lëschteg) An öch hun mäin Nuesschnappech verluer...Mir hun vläicht eng uerg gestiicht!

Mulleng: Habeo vinum tenderum...habeo falernum tenderum, wéi den Horaz seet... Horatius!...

Schetgen: Coclès...

Mulleng: Neen...Flaccus! Du misst daat dach wëssen, een éischte Präis am Latäin!

Schetgen: Sou vague...sou vague...

Mulleng: Krëtjeft, waat hun öch en Duuscht!...(en hëllt d'Karaff an drënkt draus)

Schetgen: Duerno kommen öch drun. (de Mulleng reecht èm d'Karaff; hien drënkt)

Mulleng: Nee eseu eppes!...Ech hoffen aawer datt mér ele nüt esou ausernee ginn? Zwéin aaler aus dem Kolléisch...Bleifs de hei fir z'iessen?

Schetgen: An der Rei!

Mulleng: Wou hun öch de Schlëssel vum Keller gestach? (e wullt an der Täsch an zitt e Grapp Kären eraus.) Tiens! waat ass daat do dann? Quetschekären!

Schetgen: (d'selwecht) An öch Kiischtekären!

Mulleng: A wou kënnt dee Bongert do hier?

Schetgen: Daat do intriguéiert mëch!

Mulleng: (reecht èm d'Hand, de Schetgen leet sëng Kären dran)  
(fir séch) Waat huet deen eng roud Nues!

### 5. Szeen

Déiselwecht, Jeek

Jeek: (kënnt matt de Gilets'en a matt de Schong erëm. Fir séch, wéi ën de Schetgen gesäit.) Kuck do, den Här ass ewell zu zwéin! (Haart) Monsieur!..

Mulleng: Waat wëlls de?

Jeek: Ech brëngen är Kleeder erëm...

Schetgen: En huet nawell ë flotten Bedëngten!

Jeek: ...an déi zwee Puer Schong... (fir séch) A wou ass deen dann erakomm?

Mulleng: Du decks den Dësch fir dräi...öch hunn ë Frënnnd hei fir z'iessen. Tommel déch.

Jeek: Gläich, Här. (fir séch) A wou der Däiwel koum deen do eran? (Hie geet oof.)

### 6. Szeen

Déiselwecht, ouni de Jeek

(Déi zwéin setzen séch an dooen hiir Schong un.)

Mulleng: Lauschter emol, öch stellen déch mënger Fraa viir...mais soo näischt vum Konveniat vum Kolléisch.

Schetgen: Do kanns de roueg sinn! (fir séch, iwwerdeems ën d'Schong undeet.) Nondikass! sie sétze genee!...daat ass d'Fiichtegkeet!

Mulleng: (fir séch) T'géif ee baal mengen mëng Schong wären méi grouss ginn... daat ass d'Fiichtegkeet!...(haart, iwwert dem Undon) Du muss ele op enger tip-topper Plaatz sätzen...matt dëngem Präis am Latäin?

Schetgen: (iwwert dem Undoorn) Jo...éch ka mëch nët beklœoen...éch si Chef..

Mulleng: Divisiounschef?

Schetgen: Neen!...

Mulleng: Bataillounschef ?

Schetgen: Neen, éch si Chef...

Mulleng: Chef vun enger grousser Famill?

Schetgen: Neen, Kichechef.

Mulleng: Waat?...Kach?

Schetgen: Léin mër dëng Gillette...éch muss mër de Baart maachen.

Mulleng: Ah! neen...merci!...Sie ass futti! (fir séch) Kach! An éch hun ën invitierter fir z'iessen!

Schetgen: Lauschter emool, mir müssen eis tommelen matt iessen well éch fueren haut nach fort.

Mulleng: Wéisou?

Schetgen: Ech ginn a Schottland.

Mulleng: Oh! Wéi schued!...Da gesinn mër eis jo nët méi laang!...

Schetgen: Eng wonnerbar Plaatz!...700 Frang!...an de Botter!

Mulleng: (Fir séch) Oh! waat ass deen do vulgär!...Wann éch en nëmmen kënnt an der Kichen iesse loossen!

Schetgen: (bekuckt sëng Hänn, sie sinn ganz schwaarz) Also daat do ass komesch!

Mulleng: Nondikass! E Kach!

Schetgen: (bekuckt dem Mulleng sëng Hänn: sie sinn och schwaarz) Tiens!...

Mulleng: Mëng Hänn si schwaarz!...Wou der Däiwel kënnt daat hir? (E sicht a senger Täsch an zitt eng Kuel eraus.) Kuelen! Elo just waren et Kären!...

Schetgen: (zitt och ë Steck Kuel aus der Täsch) Ech och! Ech och!...

Mulleng: Nee esou eppes! Hu miir ons iiren hënnt matt Kuelenhändler oofginn?

Schetgen: O du hellege Stréihsaak!

#### 7. Szeen

déiselwecht, Josephine, da Jeek

Josephine: Wéi ass ét, bass de färdeg? (Sie gesäit de Schetgen; lues) Wien ass deen H är?

Mulleng: Et ass...et ass en Notär.

Schetgen: (lues zum Mulleng) Eng wonnerbar Fra!...Stell mëch dach fir!

Mulleng: Jo... Mëng Léiw...éch stellen dör vir...de Schüler Schetgen...aus dem Kolléisch.

Schetgen: A Chef...

Mulleng: (schnell) vun enger grousser Famill. (Lues) Sief dach roueg!

Josephine: (begréisst de Schetgen) Monsieur...

Schetgen: (d'selwecht) Madame!...

Jeek: (kënnt mamm Dësch eran) D'Iessen ass prätt.

Schetgen: Da loost mër eis un den Dësch setzen! Kommt der nët?

Josephine: (fir séch) Wéisou, un den Dësch?...(lues zum Mulleng) Hues du ën invitierter?

Mulleng: (lues) Waat wëlls de hunn!...t'ass en aale Kolleg aus dem Kolléisch...  
      ë gudde Frénnd...pass op d'Sélwergeschiir op!

Schetgen: Un den Dësch! Un den Dësch!

Josephine: (fir séch) Waat huet mäi Mann Idien...op en Daag z'empfänken wou mér  
      sollen op e Kanddaaf gooën!

Schetgen: (iwwert dem Iessen) Déi Zocss do ass komplett dernieft gerooden!

Josephine: Wéi?

Schetgen: T'ass nüt fir méch ze bretzen, mais wann éch méch derhannert setzen...

Mulleng: (lues) Mais sief dach roueg! (haart zu sänger Fraa) Soll éch dir der  
      ginn, Schnucki?

Josephine: (dréchen) Merci! Wann se jo schlecht ass!

Schetgen: Ech loosen mëng Ennen gooën...éch ginn ë Glaas wäisse Wäin derbäi, éch  
      réiren...bis dass daat bruzzelt...

Josephine: (fir séch) Daat do ass e komëschen Notär!...(haart) Jeek...gitt mér  
      d'Zeidung.

Jeek: (fir séch) Nondikass!...éch hunn der Kächen vum éischte S tack se ge-  
      léint fir de Roman ze liesen!...

Schetgen: Iesst der näischt, Madame Schnucki?

Josephine: (rroosen) En nennt méch Schnucki!

Mulleng: Daat war ë Sproochfeeler...Nach ë bëssen Omelette?

Josephine: Ech hun keen Henger.

Jeek: (hëllt d'Zeidung, wou d'Tubaksdous dran ageweckelt ass.) Do ass eng  
      aal...I902...Sie liest jo souwisou nemmen vun den Henn, déi iwwerfuer  
      goufen, doo spillt den Datum keng Roll.

Josephine: Dajee...waat mécht déi Zeidung?...

Jeek: Voilà, madame.

Mulleng: (zum Schetgen, deen séch Wäin erausschëtt) Wëllt der Wasser?

Schëtgen: Nie!...Ech haalen Regime.

Mulleng: (fir séch) Daat erklärt mér sëng roud Nues.

(de Jeek hëllt e Plat a geet oof)

Josephine: (déi d'Zeidung duurchgekuckt huet) Oh! ém Getteswëllen! Waat ë schrecke-  
      legt Verbriechen!

Mulleng a Schetgen: Waat?

Josephine: (liest) "Haut de muerjen gouf an der Däischtergaass d'Läich vun engem  
      jonge Meedche fonnt, grujeleg verstümmelt. Daat aarem Meedchen haat e  
      Saak Kuelen bei séch, deen et wollt heemdrooen..."

Mulleng: Schrecklech!...Ech huele mér nach Omelette!

Schetgen: Ech och!

Josephine: (fiirt weider) "D'Polizei hëllt un, datt d'Märder zu zwee waaren"

Mulleng: Zu zwee géint eng Fraa! Waat Feiglingen!...Sie ass ë bëssen gesalzt.

Schetgen: Zevill.

Josephine: (fiirt weider) "D'Geriicht ass schon op de Spuuren vun deene Schéllegen,  
      well et goufen zwee Stécker Beweismaterial fonnt..."

Mulleng: Bravo! Daat ass gudd!

Josephine: (fiirt weider) "...ee schwaarze Prabbeli matt engem Bambusgrëff..."

Mulleng: Wéi?

Josephine: Je! esou wéi dem Koseng Bommel säin.

Mulleng: (laes) Em Getteswëllen!

Josephine: An en Nuesschnappech, gezechent matt O.M.

Mulleng: Mëng Initialen! Ech gi geckeg!

Josephine: (fiirt weider matt Liesen) "...déi d'Märder, déi ènnert dem Afloss vum Alkohol steungen..."

Mulleng: (fir séch) Haorgenee!

Josephine: "...bei dem Kuelesaak vergiess hunn."

Mulleng: Kuelen! (De Mulleng an de Schetgen bekucken hiir Hänn a jäitzen) Ah!

Josephine: A waat hutt diir dann?

Mulleng a Schetgen: (verstoppen schnell hiir Hänn ènnert dem Dësch) Näischt!...  
Näischt!...

Josephine: (zum Schetgen) Eng Kotelett, Monsieur?

Schetgen: Merci!...Merci!...éch sinn nüt hongreg!

Josephine: An du, Oskar?

Mulleng: Ech och nüt!

Josephine: (zum Jeek, dee just erakënnt) Jeek! Servéier den Dessert!

Schetgen: Ech huele keen!

Mulleng: Mir huele keen!

Josephine: Dann de Kaffi...de Likör!...(De Jeek geet oof)

Schetgen: Villmols merci!...éch si färdeg!

Mulleng: Mir si färdeg!

Josephine: (hällt hiirt Glas duer) Da schëtt mir nach ë bëssen Wäin eraus, wann  
éch gelifft!

Mulleng: (d'Hänn ènnert dem Dësch) Neen!...éch hu mäin Krämpchen nees!...

(D'Josephine hällt dem Schetgen säi Glas duer)

Schetgen: (d'selwecht) Ech...éch hun säi Krämpchen och.

Josephine: (fir séch) A fir waat der Dâiwel haalen déi d'Hänn ènnert dem Dësch?

Jeek: (kënnt matt engem Plateau eran, op deem de Kaffi an de Likör stinn.)  
Madame, den Här Bommel ass am klenge Salón.

Josephine: (steet op) Mäi Koseng!...eisem klengen Daafpetter säi Papp...éch ginn.  
(D'Josephine geet oof; dann och de Jeek, deen den Dësch noo riets gedrooen huet)

#### 8. Szeen

Mulleng, Schetgen

Mulleng: (weist séng Hänn) Wéi ass daat, Schetgen?

Schetgen: (d'selwecht) Wéi ass daat, Mulleng?

Mulleng: T'ass keen Zweifel!...Miir waren et!

Schetgen: Ech war nüt esou këng dér et ze soen!...

Mulleng: T'ass grujeleg!

Schetgen: Wou éch nach gewéinlech sou lëschteg sinn, wann éch Wäin gedronk hun!

Mulleng: (poetesch) Aaremt Meedchen!...dohigeraaf an der Bléi vu senger Jugend!

Schetgen: Matt engem Pratbeli erschlooën!...Soo emel: miir missten eis baal d'Hänn wáschen.

Mulleng: (fir séch) En ass ordinär...mais schnell am Geescht! (haart) Schnell! Waasser!

Schetgen: Eng Biischt! Seef!...(Sie laafen bei de Lavabo, deen se vir op d'Bühn bréngen a wáschen séch d'Hänn.)

Mulleng: Wa mér eis d'Hänn wáschen, a miir dooen all Indiz verschwannen ka keen Mensch eis eppes beweisen!

Schetgen: Reeg déch nüt op, op déi Manéier gëtt d'Geriicht näischt gewuer!

Mulleng: Wa mér gar wéi éierlech Leit ugekuckt ginn, musse mér op d'mannst proper Hänn hunn!

Schetgen: Jo, mee dái Gewëssen, wie wáscht daat?

Mulleng: O, maach dér do keng Suergen, d'Gewëssen daat geseit keen!

Schetgen: Du hues Recht, daat geseit séch nüt. Mais schwätz lues! Nüt nervös ginn! Viirsichteg bleiwen!

Mulleng: Miir müssen eis d'Hänn wáschen...

#### 9. Szeen

Déiselwecht, Josephine, Bommel

Josephine: (an de Kulissen) Kommt eran, Koseng... (sie gesäit de Mulleng an de Schetgen, déi séch d'Hänn wáschen wéi verréckt.) A waat maacht dir dann do?

Mulleng: (ganz geréiert) Ma wéis de gesäis...miir...miir...

Schetgen: ...wáschen eis d'Hänn.

Mulleng: (dréit de Lavabo zréck) Sie waren nüt schwaarz!

Schetgen: Am Géigendeel.

Mulleng: T'ass fir eis z'ännerhaalen...als aal Schüler vum Kolléisch...mëcht een daat...

Josephine: (fir séch) Waat kucken déi komesch dran!...

Bommel: Stéiren éch, Koseng?

Mulleng: Ma guer nüt.

Bommel: Mais dann ass et jo gudd! A mäi Prabbeli?

Mulleng: (fiert zesummen) Nondi...

Schetgen: (lues) Huelt iech dach zesummen!

Josephine: Ech verstinn daat nüt...én ass einfach nüt erëmzefannen.

Bommel: Oh! E kann nüt verluergoon; mäin Numm a mëng Adress sinn am Grëff a-gravéiert.

Mulleng: (lues, geschlzon) Ech si verluer!...hie seet bestëmmt datt e miir ë géléint huet!

Schetgen: (lues) Huelt iech dach zesummen!

Josephine: Bass du gëschter oowend erausgaang, Oskar?

Mulleng: Nie!...Nie!...Ech hunn en Alibi!

Schetgen: (schnell) Miir waren zu Koppelescht.

Josephine: (fir séch) Koppelescht? en Alibi?...a waat hunn déi? (haart) Dëng Schong waren aawer dreckeg!

Mulleng: Komm! gëff mir och ee Glas dees rouden Dëngen do, et broueegt mëch och vläicht...

Schetgen: (schëtt ëm ë ganzt Glas Cognac eraus.) Schëtt daat do eroof...t'ass ep-pes wéi Samett.

Mulleng: (mëcht d'Glas an engem Zock eidel) Mais daat d' ass jo Cognac!

Schetgen: Matt véier Stären!

Mulleng: Daat ass gudd...oh! daat ass gudd!

Schetgen: Daat gëtt engem d'Sprooch.  
Sie wullen an hiiren Täschen an zéien hiirt Nuesschnappech eraus. Aus-serdeem fënnt de Mulleng en Hooerhännchen an de Schetgen e Schong.)

Mulleng: Hein!...ewell ass ét ën Hooerbännchen!

Schetgen: E Schong...!

Mulleng: ...vun eisem Opfer!...mir sinn ëm anscheinend an d'Hooer gerooden.

Schetgen: A mir hun ëm d'Schong ausgedoon!

Mulleng: Esou ën harmlose Mann ewéi éch!...wéi dooe mér déi Beweisstécker do verschwannen?...Ah! an där Tubaksdous do!

Schetgen: Hues du ë Pëtz am Haus?.(e stéisst widder e Stull) Nondikass!

Mulleng: (erfíert) D'Gendaarmen! (e stécht den Hooerbännchen an d'Tubaksdous)

Schetgen: Neen...éch hu mëch gestouss.

Mulleng: Em Gotteswëllen! Waat war éch erschreckt!

Schetgen: An dee Schong hei?

Mulleng: Looss e verschwannen!...iess ën!...zéck nüt laang!

Schetgen: (wëllt dra bäissen, bedenkt séch dann awer) Neen...éch verbrennen ën... Wou ass hei Feier?

Mulleng: (weist ne lénks) Do, an der Kichen! (hie gesäit datt sëng Hänn nees schwaarz sinn) Ah!

Schetgen: (fiert zesummen) D'Gendaarmen!

Mulleng: Neen!...déi Kuel kënnt ëmmer erëm...wéi dem Macbeth säi Blutfleck!...

Schetgen: (weist sëng Hänn och) Mëng och!

Mulleng: Ah! Ech brënge nie méi ë Meedche matt engem Kuelesaak ëm, daat mëcht zevill Dreck!

Schetgen: Schnell Waasser hir!

Mulleng: Eng Biischt!...Seef!  
(Sie laafen bei de Lavabo, brëngen ën noo fir a wäschchen séch d'Hänn.)

II. Szeen

Déiselwecht, Josephine

Josephine: Wéi ass ét? bass dë färdeg? (gesäit déi zwéin) Wéi? Nees!

Schetgen: (erschreckt) Nüt erakommen!...

Josephine: Mais wäschs du der haut dë ganzen Daag d'Hänn?

(De Schetgen dréit de Lavabo zréck, hinnen riets)

Mulleng: Haut ass mäin Namensdaag! du hues mér nach nüt emool Merci gesoot fir mëng Iwwerraschung.

Mulleng: Waat fir eng Iwwerraschung?

Josephine: Wéi fënns de déi Tubaksdous hei? (sie wéllt s'opmaan)

Mulleng: (fir séch) D'Hooerspëngel (haart) Nét drugooen!

Schetgen: (hällt se zréck) Gitt nüt drun!

Josephine: A fiirwaat nüt?

Mulleng: Et künnt eppes erauskommen.

Schetgen: Den Tubak...daat ass eppes ewéi Äther, daat verflitt!

Josephine: (fir séch) Do stëmmt eppes nüt! (haart) Méchs du dann elo endléch firun, d'Leit waarden op eis!

Mulleng: Ech ginn mäin Hutt sichen... (fir séch) Ech gi mér ë Pass sichen... an enger Véirelstonn sinn éch an Amerika!

(De Mulleng geet hannen oof. De Schetgen viir, lénks.)

## I2. Szeen

Josephine, dann Bommel

Josephine: Natiirlech ass eppes derhannert..., hien huet esou gelungen dragekuckt... wéi éch déi Tubaksdous wollt opmaan... waat kann daat sinn?... (sie geet bei d'Dous)

Bommel: (künnt eran) Oh! Kusin, daat ass zevill!... Diir hutt iech an d'Käschten gehäit.

Josephine: (Künnt zréck ouni d'Tubaksdous opgemaat ze hunn.) Gelifft?

Bommel: E brodéierte Rack... an zwou Haiwercher!...

Josephine: Leost mér nüt dovun schwätzen... Dir sitt jo och schliessléch deen eenzegen vun der Famill vun de Bommelen!

Bommel: Daat ass wouer... Dir sitt esou gudd matt miir... daat gëtt mér Courage, Kusin, éch hunn ë Wonsch un iech.

Josephine: U mëch?

Bommel: Daat heescht un äre Mann.

Josephine: Em waat geet et dann?

Bommel: Mais... mais... éch bräicht Geld.

Josephine: Maja, a waat ass dann dobäi?

Bommel: Wéi s'erwaart huet, gouf mëng Fraa glëschtereg... sie wollt némmen méi Melounen an Erdbier...

Josephine: Ech hun këschteweis Sardinen giess.

Bommel: Ech hätt och d'Sardinen léiwer gehaat, well d'Melounen an d'Erdbier... am Januar... daat ass deier!... mais éch hu gefaart dee Klengen géif eppes dervun behaalen.

Josephine: Mäin Daafpetter eppes vun enger Meloun behaalen... grujeleg!

Bommel: Kuurz gesoot! éch sinn engem Geméishändler I.500 Frang schëlleg, an e fänkt un, mér noozelaafen!

Josephine: Mais da mussen se bezuelt ginn... mir si räich.

Bommel: Oh! Kusin!

Josephine: Wiem géife mér da Souen léinen, wann nüt deem eenzegen vun der Famill vun de Bommelen?

Bommel: Dir sitt zevill gudd! éch hun nie un iech gezweifelt... mais...

Josephine: Waat?

Bommel: T'ass äre Mann... en ass e bëssen haart am Erausginn, de Papa Mulleng.

Mulleng: (hannert de Kulissen) Ech kann awer nöt derviir!

Josephine: Do ass én! dir musst matt ém schwätzen; éch héllefien iech.

I3. Szeen

Déiselwecht, Mulleng

Mulleng: (könnt ganz opgereegt eran, fir séch) Haut ass Sonndeg...de Policebüre ass zou...an et gétt kee Pass...verdammt Affär!

Josephine: Oskar!...

Mulleng: (fir séch) Mëng Fraa!...éch muss eng lëschteg Minn opsetzen. (haart) Ech si ganz lëschteg!...(schlecht gelaunt) Ah! éch si ganz lëschteg!

Josephine: Tant mieux! De Koseng Bommel ass nämlech hei...en huet eppes matt der ze schwätzen.

Mulleng: (fir séch) De Koseng Bommel!...den Zeien! (haart) Daat stëmmt...éch mengen, mir hunn eppes énnert véier Aan matteneen ze beschwätzen... loos ons eleng, Josephine.

Josephine: Mais...

Mulleng: Looss ons eleng!

Josephine: T'ass gudd, éch ginn! (lues zum Bommel) Allez...Courage!  
(d'Josephine geet hannen oof.)

I4. Szeen

Mulleng, Bommel

Mulleng: Mir sinn eleng...maach lues!...

Bommel: Ah! Muss éch lues schwätzen?...

Mulleng: Jo.

Bommel: (fir séch) A fíirwaat daat dann?

Mulleng: Gelt Bommel, et ass schrecklech!

Bommel: Waat?

Mulleng: H ues de mech gesinn hënnt?

Bommel: Ech sinn iech esouguer noogang...dir sitt laanscht d'Mauere geschlach... an alles waat iech vrun d'Nues koum, - hutt der matt mëngem Prabbeli... pif, paf, batsch...

Mulleng: (fir séch) Daat aarem Meedchen!...

Bommel: Dir maacht daat gudd wann der bis eng Kéier lass gitt!

Mulleng: Ech schwieren der datt et déi éischte Kéier ass datt éch escu lass ginn! ...Aarem Fraa!...

Bommel: Är Fraa gétt näischt gewuer.

Mulleng: Jo!...mais déi aaner! (E weist géint den Himmel)

Bommel: (laacht fir séch) Aha, hien huet eng aaner?...uewendriwwer.

Mulleng: Bommel...éch hun ë Wänsch un déch.

Bommel: Ech och!

Mulleng: Du wëlls méch dach nöt an d'Onglëck geheien? du bass dach deen eenzegen deen eis nach bleift vun der Famill vun de Bommelen!

Bommel: Schwätzt iech aus, Koseng.

Mulleng: Mais wann je een déch freet wiem's de däi Prabbeli geléint hues... däin makabre Prabbelit!...

Bommel: (fir séch) A waat huet deen?

Mulleng: Dann äntwer...dann äntwer dass de én am Ettelbrécker Zuch stooen loos hues...dee leschte Sonndeg!...

Bommel: Waat gelungen Idien!

Mulleng: Hues de méch verstaan?

Bommel: Jo...daat heescht...

Mulleng: (dréckt ém d'Hand) Merci!...Merci!...(e keimt ganz erliichtert)

Bommel: (fir séch) Mmh...e schéingt gudd gelaunt ze sinn (haart) Koseng, éch hun é Wonsch un iech.

Mulleng: Schwätz, du weess jo dass éch der näischt verwiere kann.

Bommel: Daat heescht...ét geet ém Geld!...

Mulleng: Ah! ét geet...(fir séch) E wéllt méch erpressen! (haart) Bommel...du bass éierlech...ruinéier méch nüt: wivill?

Bommel: (zéckt) Foffzéng'honnert Frang!...

Mulleng: (léschteg) Nüt méi? Mais daat ass léiw! (hie gétt ém d'Geld) Doo hues de se!

Bommel: Ah! esouvill Groussmiddegkeet!...Koseng...loosst méch iech Merci sooen (hien dréckt ém béis Hänn)

Mulleng: (geréiert) Ah! an du färts nüt fir mit d'Hänn ze drécken, du! du bass couragéiert!

Bommel: (fir séch) Waat huet en némmen? - Ech ginn bis an äre Büro fir mëngem Epicier ze schreiwen. Dierf éch?

Mulleng: Alles; mais schwier mér dass de é schwaarzt Duch geheis iwwert...

Bommel: Iwwert waat?

Mulleng: Iwwert déi grujeleg Nuecht!

Bommel: Haalt dach cp!...daat ass eng Klengegkeet!...

Mulleng: (zefriden) Eng Klengegkeet!...Ah! du bass couragéiert!

Bommel: Berouegt iech, éch sooen kengem Mensch et...matt Ausnahm vu mënger Fraa natirlech.

Mulleng: Dënger Fraa, d'lieweg Zeitung vum ganze Quartier!

Bommel: Ech kann er näischt verstoppfen, sie huet en Talent fir mér alles aus der Nues ze zéien.

Mulleng: Bommel...ém Gotteswëllen!...

Bommel: Neen; do kann éch nüt Wuert haalen! (hie geet a Richtung Büro)

Mulleng: (leeft ém noo) Bommel!...Bommel!...

Bommel: Daat ass onméigglech! (hie geet riets viir eof.)

### I5. Szeen

Mulleng, dann Jeek

Mulleng: Onméigglech!...éch sinn é verluerene Mann! Sëng Fraa geet alles verzielen, an deen nächste Mount steet et an all Zeidungen: "Déi Schölleg, vun deem grujelege Mord an der Däischtergaass festgeholl. Eng Gangsterband énnert der Féirung vun engem gewësse Mulleng!" (hien ziddert) Brrr!...A wann éch deem de Mond géing stoppen, da wär alles eriwer!...alles!...

Jeek: (kénnt eran matt engem Gasbrenner) En ass zimmlech eegenarteg, dem Här säi Kolleg!

Mulleng: (fir séch) Et si Leit do! (hien dréit séch ém)

Jeek: (laacht; fir séch) En huet Schnaps gedronk...A fir de Moment ass én am Gaang, an der Kichen iwwert dem Grill e Schong ze brooden, an é kräischt derbäi!

Mulleng: Wuer geess de?...(hie weist op den Iewchen) Waat ass daat do?

Jeek: Daat ass e Gasbrenner, éch drooen en an d'Bibliothéik fir dass d'Tapisse-rei dréchent. (hien geet riets viir oof)

Mulleng: (eleng) Eng Gasbrenner!...An de Bommel ass dobannen!...Mais dee gëtt jo vergast!...(lëschteg) Dee vergast...deem Kärel do geet et schlecht!...

Josephine: (hannert de Kulissen) Oskar!...Oskar!...

Mulleng: Nët erakommen!...nët erakommen! (hie geet séier lénks hannen of)

Jeek: ( kennt zreck ) Ech hun déi zwou Fensteren opgemacht...wénst dem Här deen do setzt ze schreiwen... Mais fir wàt der Deiwl bréit den zanren seng Schong?... Ha, ha! deen ass gelungen!...e seet en hätt an der Däischtergaass e Meedchen embruecht... an en hätt sain Hooerbändchen an eng Tubaksdous gestach...Waat de Schnapps net alles färdegbrengt!.. Tiens! den Tubak!..den Här ass net do...ech stoppen mer emool eng Päif. ( En zitt ëeng Päif eraus a mecht d'Tubaksdous op. ) ( kennt erem a gesäit de Jeek ) Waat mechs du do?

Jeek: Oh! ( en dréit der Tubaksdous schnell de Reck a fiert weider, sech hannert dem Reck d'Päif ze stoppen; am Plaatz vum Tubak stecht en den Hoerbännchen dran.)

Mulleng: Maach dech ewch!

Jeek: Jo, Här ( hien hellt den Hoerbännchen matt ) En Hooerbännchen!

Mulleng: Roueg!

Jeek: Em Gctteswellen!...Da war et also wouer...dem Meedchen sain Hoerbänchen!...an enger Tubaksdous!

Mulleng: (erschreckt) Wéi?...du weess et?...

Jeek: An der Deischtergaass!

Mulleng: (hellt e beim Hals) Bandit!...ech erwiergen dech!

Jeek: Hellef! Hellef! (hie leeft riets hannen of.)

I6. Szeen

Déiselwecht, Josephine

Jesephine: Wie jäitzt do?...Waat ass lass?

Mulleng: Náischt (ganz roueg)...éch hun mamm Jeek gesproocht...deen treie Jeek!...

Jesephine: (huet en Ziedel an der Hand) Waat bedeit déi Rechnung déi éch hei kruut! ...hues du náischt gefroot?

Mulleng: Neen! (fir séch) Dee muss de Monnd haalen!...hie muss!... (e geet bei d' Diir, duurch déi de Jeek oofgaang ass.)

Jesephine: Wuer geess de?

Mulleng: (roueg) Mamm Jeek Hclz haan...deen treie Jeek!... (fir séch) Hie muss!

I7. Szeen

Josephine, dann Jeek

Josephine: Dohinnen Holz haan!...mais do ass dach zou...

Jeek: (könnt hinnen lénks eran) Madame...et waart een op déi kleng Rechnung.  
(hie verschwünnt)

Josephine: Ech verstinn absolut näischt!...absolut näischt!...de muss dach en Iirtum virleien...éch muss mat em schwätzen...(rifft) Jeek!...Jeek!...  
(Sie geet lénks cof)

I8. Szeen

Mulleng

Mulleng: (bleech, niddergeschloen) E geet bei den Dësch a schëtt séch e Glas Cognac eraus.) Et ass gedoon!...et ass grujeleg!...et ass gedoon!... Ech hun ém gesoet: Jeek, dausend Frang wanns dé de Monnd hälls...keng Antwort!...föffzéng'honnert Frang!...daat war ja awer gentil...mais éch wollt mäi Gewëssen reng hunn; keng Antwort!...dunn hunn éch méch vrun en op d'Knéie gesaat...du keum en psch! psch!...fir nach de Geck matt mér ze maachen!...éch ginn nervös,...éch verléieren d'Nerven! éch sprangen ém un den Hals! hie kraazt méch!...éch drécken zéu!...éch héiren e Röchelen...miau!...an du war et eriwwer...t'ass einfach!...Waat ass de Mensch dach esou wéineg wärt!...aarme Jeek! éch hu mér nach émmer geduecht datt et ém nach schlecht géif ergooen. (hie geréit émmer méi an den Dusel) Ah! D'Gewëssensbëss, daat ass eppes Schreckleches...alles dréit...alles danzt rondöm méch....wéi um Konveniat.

Schetgen: (hannert der Kuliss) O du lieber Augustin, Augustin, Augustin,  
O du lieber Augustin alles ist hin!

Mulleng: (komplett am Stépps) Tiens!...dem Kuelemedchen säi Freier sëngt!...

I9. Szeen

Mulleng, Schetgen

Schetgen: (könnt eran a sëngt weider) O du lieber Augustin, Augustin, Augustin,  
O du lieber Augustin, alles ist hin.

Mulleng: Geld ist hin, Gut ist hin,

Zesummen: O du lieber Augustin alles ist hin.

Schetgen: Ech laachen...éch laachen méch fütti.

Mulleng: Ech och!

Schetgen: Weesst de, dem Meedchen säi Schong?

Mulleng: Jo...Jo...

Schetgen: T'ass komesch!...éch hun en op de Grill geluecht...en dréit séch...an é kériert séch, an é mécht coui! coui!

Mulleng: (lëschteg) Coui!coui!...(zum Schetgen) Weesst de, de Bommel...den Zeien?

Schetgen: Jo.

Mulleng: (laacht) Couic!

Schetgen: Gudd! Ganz gudd!

Mulleng: An de Jeek! (selwechte Geste) Couac!

Schetgen: Gudd! Ganz gudd!

Mulleng: Elo hun mér keng Zeien méi!...

Schetgen: Just, just! Ah! dach, t'ass nach een do!

Mulleng: (wëll) Wou ass en?

Schetgen: Du!

Mulleng: An du!

Schetgen: (fir séch) T'ass vläicht nüt ganz delikat waat öch elo sooen!...  
(laacht) Wann öch de Mulleng verschwaanen dooe géif?

Mulleng: (fir séch) Engem Vollert ausgeliwwert!...Wann öch de Schetgen verschwan-  
nen dooe géif...? Daat geet!...

Schetgen: Daat geet! (fir séch)

Mulleng: (reecht èm d'Hand) Deen aalen Schetgen!...

Schetgen: (d'selwecht) Deen aale Mulleng!

Mulleng: (fir séch) Een aale Kolleg aus dem Kolléisch! et deet mér am Fong geholl  
leed!...

Schetgen: Et deet mér am Fong geholl leed!...een aale Kolleg aus dem Kolléisch!

Zesummen: (fir séch; kréien eng Idi) Ah!

Mulleng: (hellt um Dësch eng Boll) Daat hei ass gudd derfir!...

Schetgen: (hellt eng Büche beim Kamäin) Esou baal wéi öch eng Geléenheet fannen...  
esou eng zwanzech Coups'en!

Mulleng: (hellt d'Zeidung a présentiert dem Schetgen e Stull) Komm setz déch,  
Schetgen!

Schetgen: (bringt séch e Stull) Gär, gär!...(fir séch) Looss mér èm säi leschte  
Wellen erfällen.  
(Sie sätzen séch)

Mulleng: An da lies de mér è bëssen aus der Zeidung fir.

Schetgen: (fir séch) Nët schlecht! Daat do kann en aschloofen.

Mulleng: Du wärts d'Geschicht vun deem aarme Meedchen mamm Kuelesaak dra fannen...

Schetgen: Daat aarent Meedchen!

Mulleng: Bass de?

Schetgen: Jo!...(Hie liest) "Deen nächsten Dënschdeg wärt d'ganz Staat op de Been  
sinn fir daat neit Gemengenhaus anzeweihen..."

Mulleng: (steet hannert him mamm Zoppeläffel a béiden Hänn, prett fir de Schetgen  
ze erleedegen) D'Gemengenhaus!...waat sëngt en doo?

Schetgen: Do steet et gedräckt!

Mulleng: (hellt d'Zeidung a liest) Deen neien, würdegen Mëttelpunkt vun eiser  
Staat gëtt muer, den 24. Juli I902 ageweicht." (lëschteg) I902!...

Schetgen: (d'Büche iwwert dem Kapp) Waat!...I902!

Mulleng: T'ass eng aal Zeidung!...

Schetgen: Vrun 8 Jooer!...Mais dann ass daat Meedchen...

Mulleng: Mir sinn onschélleg!...Ah! Schetgen, aale Kolleg!...(Sie faalen séch an  
d'Ärm a klappen séch wéi geckeg op d'Schëller) An öch wollt déch just  
ëmbrëngen!

Schetgen: Tiens! Ech och!

Mulleng: (mëcht séch lass) Ah! Elo ass et mir besser! daat do mëcht mëch eniich-  
ter!...(denkt op eemel un eppes) Oh, nondikass! an déi zwéin aaner...  
öch hunn nach zwéi Leit ëmbruecht!

Schetgen: (schnell) Ah! Domatt hunn öch näischt ze dinn!

20. Szeen

Déiselwecht, Jeek, dann Bommel

Jeek: (könnt hinnen lénks eran) Monsieur, d'Madame léisst froen op....

Mulleng: Hein!...bass du nöt dout?

Jeek: Nee esou eppes!

Mulleng: Du treie Jeek. Hei sinn honnert Frang fir déch!

Jeek: Well éch nöt dout sinn?

Mulleng: Elo bleift nach émmer een!

Bommel: (könnt mamm Bréif am Grapp eran) Koseng, éch sooen iech Merci!

Mulleng: Deen aanren...Bass du nöt dout?

Bommel: Wéi?

Mulleng: Du bass en Engel!...Hei, do sinn honnert Frang fir déch!

Bommel: Honnert Frang?

Mulleng: Elo bleift kee méi!

Schetgen: (fir séch) Nondikass! Ech hun de Kapp wéi!....(Hie geet noo hinnen a verschwénnt hennert de Ridoen vum Bett.)

Mulleng: Mais wien war dann dohannen, do...an deem Zémmer?

21. Szeen

Déiselwecht, Josephine

Josephine: (könnt eran) T'ass schrecklech!...t'ass grujeleg!

Alleguer: Waat ass lass?

Josephine: De Pussi, mëng kleng Kaatz!...éch hun se elo just fonnt!...dout!

Mulleng: D'Kaatz!...éch sin ë Kaatzemärder!

Josephine: Ah! Oskar, daat do verzeihen éch der nie...besonnesch nöt noo deem waat éch elo just erfuer hunn.

Mulleng: A waat dann?

Josephine: Wou huet den Här d'Nuecht verbreucht?

Mulleng: Ah! Ech hätt guer näischt dergéint wann ee mér daat géif sooen...De Schetgen bestémmt och nöt. (sicht en) Tiens! wou ass deen dann?

Josephine: Mais da waart, da sooen éch der ét: Dir hutt iech de Batty gestallt an engem vulgäre Schnapslokal!

Mulleng: Ech?

Josephine: (hällt ém e Blaat duer) Bei deem aale Schmittchen!

Mulleng: Oh!

Josephine: Nu probéier nach, et ze leechnen! Hei ass d'Lëscht vun deem waat der alles gebraucht hutt! (liest) "Dräi Bokaler Kiischten mat Schnaps!... plus zwéin Bokaler Quetschen, d'selwecht!"

Mulleng: (erénnert séch) Ah jo! d'Kären!...d'Kären!...

Josephine: (liest) "Plus: ee weiblechen Hooerbännchen, ee Scheng vum selwechte Geschlecht an eng Parëck, gehéireg der Serveuse."

Mulleng: Ah! Ech verstinn!...éch verstinn!....

Josephine: Total: 830 Frang!

Mulleng: Daat möcht vir jiddereen 415 Frang... Schetgen!...wou der Däiwel ass deen hinn?

Josephine: An dir wart därmooessen am Soff datt se iech hu missen an de Kuelekeller spären!

Mulleng: Waart! (hie wullt a sänger Täsch) Ech hun nach ë Stéck...ëch erklären der daat....

Josephine: Mir ginn um Kanddaaf erwaart; mais haut den oowend schwätze mér matteneen!

Mulleng: Daat gëtt eng wiederëch Nuecht!...Ech muss kucken datt se mér verzeiht virdrun! (fir séch)

(Et héiert een hannert de Ridoen schnarchen.)

Alleguer: Waat ass daat do?

Mulleng: Nondikass!...soll éch am Enn een drëtten aus dem Kolléisch mattbruscht hunn?

(De Jeek möcht d'Ridoen vum Bett op. Et gesäit een de Schetgen, vollstänneg ugedoen um Bett)

Josephine: Nach èmmer deen do!

Mulleng: Nee esou eppes! kënnt deen dann nüt aus mëngem Bett? Gëff mér mäi Bengal!...(bedenkt séch) Oder neen!...erwächt en nüt...Jeek!

Jeek: Jo, Här?

Mulleng: (weist op de Schetgen) Gesäis de dee Paak de?...soubaal mir fert sinn ...pächs de èm eng Etiquette op de Rëck matt der Opschrëft: Kach fir Schottland. - Zérbréchléch! an da gëss de èn an der Gare oof...am Ge-päckbüre...Pass gudd drop op...  
t'ass en aale Kolleg aus dem Kelléisch!

-RIDO-

Punch

Lëtzebuurg, den 15. Oktober 1967